CSV Stengefort

Grass •
Hoen •
Klengbetten •
Stengefort •

Abrëll 2011

Op de Punkt

Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV Stengefort
Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Stengefort

Een neie Comité fir 2011

Transparenz vun dem Stengeforter Schäfferot

Transparenz ass fir den LSAP Schäfferot e Wuert wat Si nit esou genee huelen. E Member vum Schäfferot huet an enger „assemblée générale" vun engem Stengeforter Club gesot, Si hätten en Terrain kaf fir eng nei Sportshal ze bauen. Bei de leschte Wale sot de Buergermeeschter dass d'Sportshal nach fir déi nächst 30 Joer gutt genuch ass. Mir vertriede scho laang, dass et héich Zäit gëtt eng nei Hal a Schwemm ze bauen. Firwat gi mir nit informéiert wa Pläng virleien? Firwat kënne mir eis Ideeën nit mat abréngen? Des öfteren hu mir d'Majoritéit op Saachen higewise wat Si nit beduecht haten.

Firwat ginn eng Rëtsch vu Manifestatiounen organiséiert ouni dass mir doriwwer a Kenntnis gesat ginn wéi z.B. dass de Kannergemengerot „Merci" gesot kritt … Hei ware mir als Oppositioun nit invitéiert … Mir waren nit emol informéiert. Mir hu scho laang gefrot dass mir eng Kéier mat dem Kannergemengerot zesumme komme kënne fir eis auszetauschen. Dëst sollt vum Schäfferot organiséiert ginn … bis elo ass dëst nach nit zustan komm.

Mir mierken dass Gelder engagéiert gi sinn ouni dass déi am Budget virgesi waren an ouni dass de Gemengerot säin Accord ginn huet. Esou ass et geschitt mat dem „Beach Volleyballsfeld" (wou och d'Natur mat Féiss getrëppelt ginn ass; en decke Baam dee gehënnert huet war op emol krank an ass gefall …). Och den Haff bei der Maison Relais war vergiess ginn … am Budget war näischt virgesinn, de Schäfferot huet awer schonn Aarbechten an Optrag ginn.

Mir sinn et Leed mat dem Gepléischters vun den Infrastrukturen ouni e Gesamtkonzept ze hunn. Mir giffen eis freeë wa mir bei den nächste Wale vun de Leit ënnerstëtzt giffe ginn, fir d'Stengeforter Politik méi transparent a wäitsichteg ze maachen an dass dëse Schäfferot nit méi liichtfankeg eis Gelder ouni Konzept zur Fënster erausgeheie kann.

Un nouveau comité pour 2011

Lors de notre assemblée générale du 25 mars 2011, nous avons pu présenter le nouveau comité de notre section.

Fernando Ribeiro (Président), Hagen

Amélie Schmit-Louis (Vice-Présidente), Hagen

Danielle Thill (Secrétaire), Steinfort

Tom Matarrese (Trésorier), Kleinbettingen

Bénédicte Janne, Hagen

Joël Krack, Hagen

Roland Kugener, Hagen

Robert Lambé, Steinfort

Joe Lemmer, Steinfort

Marco Majerus, Steinfort

Paul-Marie Majerus, Hagen

Paul Oswald, Steinfort

Mike Ries, Kleinbettingen

René Strotz, Steinfort

Jean-Marie Wirth, Hagen

Georges Zeimet, Kleinbettingen

CSV on TOUR

Nom Premier Jean-Claude Juncker senger Interventioun an der Chamber stinn Iech eis Mandatairen, Ministeren an Deputéiert Ried an Äntwert zur „Lag vun der Natioun"

Kommt an diskutéiert mat!

Dënschdes, de 26. Abrëll, Trifolion Iechternach
Donneschdes, den 28. Abrëll, Gemengenhaus, Ettelbréck
Donneschdes, de 5. Mee, Beetebuerger Schlass, 13, rue du Château
Mëttwochs, den 11. Mee, Centre culturel Bouneweg, rue des Ardennes

Ufank ëmmer ëm 19.30 Auer

Weider Informatiounen op csv.lu

Participez aux élections communales du 9 octobre 2011

En tant que résident étranger du Grand-Duché de Luxembourg, vous avez jusqu'au 14 juillet 2011 inclus pour vous inscrire sur la liste électorale pour les prochaines élections communales.

Pourquoi voter?

Le Luxembourg compte 502 000 habitants dont 42 % de ressortissants étrangers. Lors des élections communales de 2005, la part de l'électorat étranger représentait 10 %, tandis qu'uniquement 1,2 % des conseillers élus sont des non-Luxembourgeois.

Le 9 octobre 2011, soyons nombreux à participer aux élections communales! En tant que résidents étrangers participez activement à la vie politique de votre commune: utilisez votre droit de vote!

Faire un choix rime avec donner sa voix:

- C'est VOUS qui pouvez être les acteurs de votre commune en choisissant à qui vous déléguez la représentation de vos intérêts;
- C'est avec VOUS que le conseil communal fera correspondre au mieux la gestion de votre commune et de vos intérêts;
- Le droit de vote est un droit constitutionnel. C'est un moyen fondamental de participation à la vie sociale, économique, politique et culturelle de votre commune.

Inscrivez-vous aux listes électorales si:

- vous accordez une attention particulière au bien-être de votre commune;
- la cohésion sociale est importante à vos yeux;
- vous pensez que l'opinion des étrangers doit être davantage sollicitée et prise en considération dans le débat politique;
- vous vous sentez concernés par les dépenses et les recettes de votre commune.

Alors n'hésitez plus et rendez-vous dès aujourd'hui auprès de votre commune, en vue de vous inscrire, car s'abstenir c'est laisser le choix aux autres!

Pour de plus amples renseignements, vous pouvez consulter le site de la commune de Steinfort: http://steinfort.lu/

Ou prendre contact avec Monsieur Yves Thill, Bureau de la Population,
Tel: 39 93 13-420

jepeuxvoter.lu
ichkannwaehlen.lu
icanvote.lu
eupossovotar.lu

Bei den Kommunalwahlen 2011 können alle Bürger, die ihren Wohnsitz seit mindestens fünf Jahren in Luxemburg haben, ihre Meinung kundtun. Lassen Sie sich bis einschließlich den 14. Juli 2011 registrieren.

www.ichkannwaehlen.lu

Nas eleições autárquicas de 2011, todos os cidadãos estrangeiros que residam no Luxemburgo há, pelo menos, 5 anos poderão expressar-se. Inscreva-se até 14 de julho de 2011.

www.eupossovotar.lu

At the 2011 municipal elections, all foreign nationals who have lived in Luxembourg for at least 5 years will be eligible to vote. Register until 14 July 2011.

www.icanvote.lu

source: Office luxembourgeois de l'accueil et de l'intégration (OLAI)

Richtegstellung „Op de Punkt", Dezember 2010

Mir entschëllegen eis, fir een Iertum, dee mir an eisem Artikel „La sécurité dans les écoles et dans les maisons relais" am „Op de Punkt" vum Dezember 2010 publizéiert hunn.

Eisen Artikel ass op kee Fall géint d'Sécherheetsdelegéierten vun de Stengeforter Schoule geschriwwen.

Richteg ass, dass ënnert den neien Sécherheetsdelegéierten an dem neie „Comité d'école" Evakuatiounsübunge mat de Kanner gemaach gi sinn. Dës Übunge goufen an Zesummenaarbecht mam „Centre d'Intervention" gemaach a ginn och elo regelméisseg widderholl. Mir appréciéieren dat.

Et gëtt vun den Acteuren um Terrain eng gutt Aarbecht geleescht, mä mir mengen awer, dass et nach grouss Chantieren a punkto Sécherheet an de Schoule ginn. Dofir kënne mir als CSV-Sektioun net verstoen dass d'LSAP-Majoritéit keng Suen am Gemengebudget fir „sécurité dans les écoles" virgesäit!!!

Fir eis ass dat een Hiweis, dass de Buergermeeschter an de Schäfferot hir Verantwortung nit eescht genuch huelen a mir erënneren drun, dass mir zanter 5 Joer beim Schäfferot op Sécherheetsmängel an de Schoulen a Sportsinfrastrukturen hiweisen … Hei bléift nach vill ze maachen!

Eierung

An der Generalversammlung vum 25.3.2011 hat d'CSV Stengefort déi besonnesch Freed an Éier, fir e puer langjähreg Memberen an der CSV ze gratuléieren an e grousse Merci ze soen.

Et waren dëst:
fir 25 Joer Memberschaft an der CSV:
Luc BERENS an Paul-Marie MAJERUS
Fir 40 Joer Memberschaft an der CSV:
Alphonse WIRTH an Paul OSWALD

Eng besonnesch Freed wor et dem Arnold MULLER fir iwwer 50 Joer Memberschaft an der CSV ze gratuléieren. Mir wënschen dem Arnold MULLER a senger Madame eng gutt Gesondheet a nach vill Joeren dobäi.

Ënnert de Gratulanten waren och d'Bezierkspresidentin an Députéierten, d'Madame Sylvie Andrich-Duval an de Mamer Député-Maire Gilles Roth.